



während d’Deputéiert aus dem Sall 1-2 elo kënnen an de Sitzungssall kommen.

Ech zéien elo den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)

Ech hu jo kee vergiess vun deenen, déi hei sinn? Ma da kënt Dir erëm zrëckgoen an de Sall 1-2. An da bieden ech d’Deputéiert aus dem Sall 3, an d’Plenièr ze kommen.

Ech zéien dann elo den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 3)

Dat wiere se all. Merci villmools. Dir kënt an de Sall 3 zrëckgoen.

Den Här Marc Hansen, deen an engem anere Sall ass, kann elo ofstëmme. Mir kënnen mam Vott weiderfueren.

Appel nominal (vote personnel du député d’une autre salle)

Merci. Dir kënt erëm an de Sall zrëckgoen. Déi Deputéiert, déi am Sall vun der Plenièr waren, déi kënnen erëm zrëck an d’Plenièr kommen.

Mir hunn de Quorum erreecht an de Vott ass heimat ofgeschloss.

D’Resultat ass follgend: 56 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm, keng Enthaltung. De Projet de loi 7534 ass mat 56 Jo-Stëmme eestëmmeg ugeholl.

(Le projet de loi 7534 est adopté conformément à l’article 114 (2) de la Constitution.)

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Déi Deputéiert, déi eventuell net mat der Ufro vun der Dispens averstane sinn an an engem anere Sall sinn, hunn elo d’Méiglechkeet, an de Sitzungssall ze kommen an dës ze mellen.

Ech stelle fest, datt kee géint d’Ufro vun der Dispens vum zweete Vote constitutionnel ass.

Et ass deemno decidéiert, datt d’Dispens ugefrot ass.

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

Motions et résolution

(M. Fernand Kartheiser souhaite que ses motions n° 2, n° 3 et n° 4 soient évacuées ultérieurement et elles sont de ce fait renvoyées à la Conférence des Présidents.)

Mir kommen dann elo zu der Motioun an zur Resolutioun. Wëllt dozou nach een d’Wuert ergräifen?

Da kéime mer elo zum Vott iwwert d’Motioun an d’Resolutioun. Mir maachen esou wéi vir-drun de Vote par appel nominal a mir stëmmen awer da pro Grupp zesummen of.

D’Ofstëmmen fänkt un. Fir d’éischt stëmmen mer iwwert d’Motioun of an duerno iwwert d’Resolutioun.

Vote sur la motion 1

Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières)

Dat wiere se all.

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert d’Resolutioun. Och do zéien ech dann erëm de premier Votant.

Vote sur la résolution 1

Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières)

An domat hu mer déi all. Da kënnen elo d’Deputéiert erëm erof op de Rez-de-chaussée goen an d’Deputéiert aus dem Sall 4-5 kënnen an d’Plenièr kommen.

Mir stëmmen fir d’éischt iwwert d’Motioun of.

Vote sur la motion 1

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)

Da stëmmen mer nach iwwert d’Resolutioun of.

Vote sur la résolution 1

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)

Voilà. Da kënt Dir elo zrëckgoen an de Sall 4-5.

An d’Deputéiert aus dem Sall 1-2 kënnen an d’Plenièr kommen.

Ech zéie fir d’éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken, an duerno fuere mer weider an alphabetescher Reiefolleg.

Vote sur la motion 1

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)

Merci villmools.

Da kéime mer zum Vott iwwert d’Resolutioun.

Vote sur la résolution 1

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)

Merci villmools. Da kënt Der an de Sall zrëckgoen. A mir kéimen dann zum Sall 3. D’Deputéiert am Sall 3, déi kënnen an d’Plenièr kommen.

Ech zéie fir d’éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

Vote sur la motion 1

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 3)

An da kéime mer zum Vott iwwert d’Resolutioun. Fir d’éischt zéien ech den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken.

Vote sur la résolution 1

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 3)

Merci villmools. Da kënt Dir erëm an Äre Sall zrëckgoen.

Da kënt nach den Här Marc Hansen an de Sall. Déi aner Deputéiert solle vläicht waarden, bis datt den Här Marc Hansen erduerch ass.

Vote sur la motion 1

Appel nominal (vote personnel du député d’une autre salle)

Vote sur la résolution 1

Appel nominal (vote personnel du député d’une autre salle)

Merci villmools. D’Deputéiert, déi am Ufank am Sitzungssall waren, kënnen elo erëm zrëck an de Sitzungssall kommen.

Mir hunn de Quorum erreecht. An de Vott ass heimat ofgeschloss.

D’Resultat bei der Motioun 1 ass follgend: 55 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm a keng Enthaltung. D’Motioun 1 ass domadder mat 55 Jo-Stëmme eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Wat elo d’Resolutioun 1 ubelaangt, ass d’Resultat follgend: 55 Jo-Stëmme, keng Nee-

Stëmm, keng Enthaltung. D’Resolutioun 1 ass domadder och mat 55 Stëmme eestëmmeg ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes et Claude Wiseler ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen et Fernand Kartheiser ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

5. 7465 - Projet de loi relative aux dispositifs transfrontières devant faire l’objet d’une déclaration

Deen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7465, d’Transposition vun där sougenannter DAC-6-Direktiv. D’Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler** (DP), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, viru Kuerzem war hei am Parlament de Finanzausschuss aus dem Hessesche Landtag op Besuch. D’Deputéiert aus eisem Nopeschland waren net nëmme beandrockt vun der viller a komplizierter Aarbecht, déi d’Finanzkommissioun an d’Kommissioun vum Contrôle vun der Budgetausféierung leeschten, souwéi och vun eisem Wëssen iwwert d’Verbindungen tëscht dem Land Hessen an eiser Dynastie, si wousten och genee, dass mir et als souveräne Staat am Laf vun de leschte 40 Joer fäerdegbruecht hunn, eng diversifizéiert an innovativ Finanzplaz opzebauen, déi et roueg mat Frankfurt, wann ee mol vun hirer an eiser Bourse ofgesäit, ophuele kann.

Ee vun den däitschen Deputéierten huet eis u LuxLeaks erënnert. Ee Moment konnt een den Androck kréien, dee gudder Mann weisst net, dass mer an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg ganz vill Ustengungen ënnerholl hunn, fir eng Finanzplaz ze entwëckelen, déi propper dosteet a mëttlerweil iwwer en exzellente Ruff verfüügt.

Schliisslech hu mer hei am Parlament zeg Direktiven an eist nationaalt Recht ëmgesat, déi fir méi Transparenz a méi Substanz suergen an déi virun allem aggressiv Steiervermeidungspraktike vermeiden hëllef sollen. D’CSSF mécht iwwregens an deem Kontext eng ganz gutt Aarbecht.

Jo, et geet ëm d’Bekämpfung vu Steiervermeidung an domat ëm den Asaz fir méi Steiergerechtegkeet. Lëtzebuerg léisst sech do net huelen a figuréiert haut op kenger groer Lëscht, esou wéi am Joer 2009, wou d’OECD eis niht 40 anere Länner op eng gro Lëscht vun de Steierparadiser gesat hat. Déi Zäite si glécklecherweis eriwuer. Ech hunn dem hesseschen Deputéierte gesot, dass mer kee Steierparadis sinn an dass mer dat och, an dat och genee virun engem Joer, vu kengem geréngere wéi dem deemolegen EU-Kommissär Pierre Moscovici bestätegt kruten. Lëtzebuerg setzt schliisslech all europäesch Direktiven ëm. A mir sinn domat kee Land, dat eng exzessiv Steieroptimisatioun encouragéiert.

Mir wëllen eis haut awer och drun erënneren, dass mer virun e puer Méint déi sougenannt ATAD-2-Direktiv hei am Plenum ëmgesat hunn. ATAD steet jo fir Anti-Tax Avoidance Directive. D’Zil vun dëser europäescher Richtlinn war an ass et, dass d’Benefisser do besteiert ginn, wou se och tatsächlech erwirtschaft ginn an och wierklech eng Plus-value geschaf gëtt.

Dobäi goug et jo och drëm, fir duerch eng Rëtsch Reegelen eng aggressiv Steierplanung an domat also Steierflucht ze vermeiden. Dat geschitt jo bekanntlech dann, wann zum Beispill Benefisser aus enger Juridictioun an eng aner, wou de Steiertaux méi niddreg ass, op kënschtlech Manéier iwwerwise ginn.

Bei dem Projet de loi, dee mer dann elo haut op de Leescht huelen, de Gesetzesprojet 7465 also, handelt et sech ëm d’Ëmsetzung a Lëtzeburger Recht vun der Europäescher Direktiv 2018/822 iwwert den automateschen an obligatoreschen Austausch vun Informatiounen bei Steierfroen, a méi genau geet et bei dësem Gesetzesprojet ëm de Volet vun de sougenannten Dispositifs transfrontières devant faire l’objet d’une déclaration, och nach am technesche Jargon DAC 6 genannt.

Dës Direktiv, a soumat och dës Gesetzesprojet, soll fir méi Steiertransparenz suergen. Eng Reduzéierung vun de Gewënnverlagerunge gëtt ugestriift. Dës ass jo verantwortlech fir d’Erosioun vun der Besteuerungssubstanz. Dës Direktiv baséiert sech besonnesch op d’BEPS-Recommendatiounen vun der OECD a virun allem op d’Aktioun 12 iwwert d’Règles de communication obligatoire d’informations.

Zur Erënnerung: BEPS steet fir Base Erosion and Profit Shifting. Dat heescht, d’Reduzéierung vun der besteierbarer Basis an d’Hin- an Hieriwwerweise vun de Profitter, fir op dës Fassong esou mann wéi méiglech Steieren ze bezuelen. D’Memberstaate sollen duerch den Informatiouns-austausch vun den Dispositifs-transfrontières-Deklaratiounen onerwünscht Lücken a Gestaltungsméiglechkeeten an den nationale Steiergesetzter besser erkenne kënnen a se da schlëssen.

Wa mir iwwert d’Dispositifs transfrontières schwätzen, da freet ee sech direkt, ëm wat et do eigentlech genau geet. Et si grenziwwerschreidend Steierkonstruktiounen oder -konstrukter, wou ee Memberstaat oder een Drëtstaad oder méi Memberstaaten implizéiert, jo, dra verwéckelt sinn. Dës Gesetzesprojet proposéiert, dass dës Steierkonstruktiounen deklaréiert musse ginn, falls se verschidde Krittären erfëllen. Dës Krittären, Eegeschaften, och nach Marqueure genannt, sinn an enger geneeër Oplëschtung an der Annex vun dësem Gesetzeprojet ze fannen.

Dës Marqueure reflektéieren Eegeschaften, déi deene vun enger potenziell aggressiver, grenziwwerschreidender Steierplanung entsprechen a soumat e Steierhannerzéiungsrisiko mat sech bréngen. Falls en Dispositif sech duerch een oder méi Marqueuren identifizéiere léisst - et ass e bësse wéi bei enger Krankheet, do gëtt et och Marqueuren an der Blutanalys -, falls also esou Marqueure sech identifizéiere loosse, da proposéiert de Gesetzesprojet, iwwert dee mer hei diskutéieren, eng Verflchtung, fir esou Steierkonstrukter ze deklaréieren.

Dës Deklaratioun gëtt mat Hëllef vun enger Tëschen- oder Mëttelspersoun, vun engem Intermediaire also, deen de Steierzueler begleet, gemaach oder si gëtt vum Steierzueler selwer gemaach. Wichtig heibäi ass ze bemerken, dass de Projet de loi fir verschidden Intermediären eng Dispens vun dëser Deklaratiounsverpflichtung virgesäit. Vun dëser Dispens sinn déi Intermediärë viséiert, déi engem Berufsgeheimnis ënnerleien an de Steierzueler bei Steierfroen beroden oder bei der Verwaltung vertrieben dierfen, besonnesch sinn dat d’Affekoten, d’Experts-comptables an d’Réviseurs d’entreprises. Si dräi sinn also hei gemengt. An deem Fall läit d’Meldeflicht bei deenen aneren, net dispenséierten Intermediären, déi ënnert d’Applikatiounsfeld vun dësem Gesetzesprojet falen.

Wann et där Intermediärë keng gëtt, muss de Steierzueler, wéi virdrun ugeschnidden, selwer säin Dispositif mellen. De Projet de loi gesäit dann eng Verpflichtung fir déi dispenséiert Intermediärë vir, déi se verflcht, dem Steierzueler déi néideg Informatiounen fir d’Deklaratioun zur Verfügung ze stellen.

Dann e puer Wuert zu den Avisen. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 14. Januar 2020 e puer formell Oppositionen ugekënnegt, déi duerch den Avis complémentaire vum 10. Mäerz opgehuewe konnte ginn, soudatt et vun där Säit aus gréng Luucht fir dës Projet gouf.

Eng éischt Opposition formelle betrëfft d’Deklaratiounsdispens, déi ursprënglech op d’Affekote begrenzt war. Esou eng Disposition géif dem Staatsrot no eng ongläich Behandlung tëscht de Steierberodungsprestatairë bedeiten, vu datt d’Experts-comptables an d’Réviseurs d’entreprises net dovunner be-traff wieren. De Staatsrot freet a sengem Avis eng Ausweitung vun där Dispens op déi genannte Berufsgruppen.

Ervirzehiewen ass och, datt de Staatsrot sech schwéiergedoen huet mat der Verpflichtung fir d’Affekoten, der Steierverwaltung generell Informatiounen iwwert d’Marqueure vun den Dispositiffe vun hire Clienten ze iwwermëttelen.



Fir déi héich Kierperschaft géif dëst ganz kloer géint d'Berufssgeheimnis vun den Affekote verstoussen. De Staatsrot proposéiert an deem Zesummenhang, esou eng Verflichtung falen ze loossen, dëst am Sënn vum Schutz vun de Rechter vun der Defense, zu deenen eeben och d'Berufssgeheimnis gehéiert.

Duerch den Avis vum Ordre vun den Affekote vum Stater Barreau konnte wichteg Bedenke formuléiert ginn an am ofgeännerte Gesetzesprojet gouf hire Remarken a Kriticke Rechnung gedroen.

D'Avise vun der Handelskummer an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics souwéi d'Avise vun der Salariatskummer, vun der Handwierkerkummer, vun der Chambre des Notaires hunn et erlaabt, fir wichteg Remarken evirzebréngen. Si sinn a mengem schrëftleche Rapport verfaasst.

Dat gesot, bleift mer nach just, lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren. Ech ginn natierlech am Numm vun der DP-Fraktioun den Accord fir dëse wichtige Gesetzesprojet.

Ech soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bauler.

Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här Président. Ech fänken un, wéi dat traditionell de Fall ass, mat engem ganz grouse Merci un eise wéi ëmmer exzellente Rapporteur, deen eis dat erëm eng Kéier de Mëtteg op seng roueg Aart a Weis exzellent beschriwwen huet, wat déi nei Bestëmmunge sinn, déi mer duerch dëse Projet de loi wäerten adoptéieren. An ech kann och direkt mäin Accord an den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

Ech kommen awer net derlaanscht, Här Président, fir trotzdeem hei déi eng oder aner Observatioun, manner zum Projet selwer, awer och zum Projet selwer ewéi och iwwert d'Prozedur ze maachen. Ewéi dee Projet de loi deponeiert ginn ass, an do hate mer déi eng oder déi aner Reunioun, waren eng ganz Rei vu Kolleegen, an et sëtzen och eng Rei am Moment nach hei am Plenum, déi grouss Bedenken deemools schonn haten, wat eenzel Dispositiounen vun deem Projet ubelaangt. Notamment - an ech mengen och, datt dat déi waren, wou mer e bëssen driwwer gefall sinn - déi Deklaratiounen, déi verschidde Berufssparten hätte misse maachen iwwer gewësse Steierkonstrukter. Mir hunn dee Moment drop higewisen.

Ech ka mech souguer erënneren, datt ech eng Kéier d'Madamm Justizministerin och drop higewisen hat, a mir hunn dunn einfach geäntwert kritt, do kéint awer elo näischt geännert ginn, dat wär eeben nun emol esou, dat misste mer tel quel unhuelen.

Doropshi koumen déi exzellent Avisen. Ganz besonnesch souwuel den Avis vum Conseil de l'Ordre vun den Affekoten wéi awer och deen exzellenten Avis vum Staatsrot, déi genau déi dote Kriticken iwwerholl hunn. An déi Kriticke ware souguer esou essenziell, datt de Staatsrot hei Opposition-formellë soulevéiert huet.

Doropshin hunn d'Majoritéit an d'Regierung dat eenzeg Richtegt gemaach: Si hunn deenen Opposition-formellë Rechnung gedroen a si hunn eis elo e Projet de loi hei presentéiert, deen och fir, mengen ech, all Mënsch esou an der Rei ass.

Wat mech awer fundamental dorunner e bësse stéiert, Här Président, Här Finanzminister: Dat hätte mer eis alles kënnen erspueren! Mir hätten eis notamment kënnen erspueren, datt mer eis haut, op engem weesentlechen Dag, awer mat esou Projekte musse beschäftegen, wann d'Regierung direkt de Projet esou formuléiert hätt, wéi ganz vill Chambre-professionellen an de Staatsrot dat gesot hater. Da wär dee Projet elo schonn zënter e puer Wochen unter Dach und Fach.

An da kënnt eppes derbäi, dat ass, datt ech och fäerten, datt mer duerch dee ganzen Hin an Hier elo ganz besonnesch de GAFI heirobber opmierksam gemaach hunn. An och dat, Här Finanzminister, hätte mer eis kënnen erspueren, wann Der alt erëm eng Kéier vläicht och der Opposition e bëssen nogelauschtert hätt, déi lech direkt op dee Punkt opmierksam gemaach huet.

Sinon wäerte mir dëse Projet stëmmen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Mosar.

An da wier et um honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Merci, Här Président. Merci dem Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech schlësse mech de Wieder vum Rapporteur hei och un. A mir ginn och domadder den Accord vun der LSAP.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engel.

An ech ginn d'Wuert direkt weider un déi honorabel Madamm Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här Président. Dëse Projet de loi ass natierlech ganz wichteg, fir Steiervermeidungspraktiken hei zu Lëtzebuerg ze bekämpfen. Et ass awer net de Moment, dass mir elo all hei ganz laang rieden, well mer an enger besonnescher Situatioun sinn. Natierlech soll dat net heeschen, dass d'Opposition sech hei net soll expriméieren. Vun eiser Säit hier ass op alle Fall alles gesot aus dem Mond vum Här Änder Bauler, deem ech villmools Merci wëll soe fir säi gudde Rapport.

(Brouhaha)

An domat ginn ech och den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché.

Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här Président. Ech géif dann dem Reporter, dem Här André Bauler, en häerzleche Merci soen am Numm vun der ADR. An ech mengen, den Här Laurent Mosar huet mer e bësse virgegraff. Ech si beoptraagt ze soen: Wann déi eenzel Avisen direkt komm wieren! Et ass deenen also Rechnung gedroe ginn, duerfir kënnen mer elo deem Projet zoustëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Engelen.

(Brouhaha)

An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här Président. Ech mengen, och wa mer an enger Krisensituatioun sinn, solle mer trotzdeem och iwwer wichteg Gesetzesprojete schwätzen. Et ass e Modèle de base, méi wéi fënnf Minutten huet een och net zur Verfügung.

Här Président, bei deemem Projet de loi, deen awer wichteg ass, do sinn zwee Prinzippien, déi e bëssen openeeknallen a wou vill Diskussiounen waren. Dat ass dee vum Secret professionnel vu gewëssene Beruffer, déi och den Här Rapporteur ganz gutt genannt huet: souwuel d'Intermédiaires financiers wéi och d'Affekoten, d'Expert-comptables an esou weider. Mee da geet et och ëm deen anere Prinzip: dee vum Kampf géint d'Steierevasioun.

Et geet och haaptsächlech drëms, erauszefannen an u sech och matzedeelen, datt bei gewësse Montagen et net, avant tout, ëm en Advantage fiscal geet. Do kann ee Beispill ginn. Zum Beispill wann et ëm de Rachat vun enger Entreprise geet, déi Pertë mécht a wou och herno d'Haaptaktivitéit vun där Sociéitéit ofgeschloss gëtt, an duerno géifen déi Perten, zum Beispill, awer benotzt ginn, fir d'Charges fiscales erofzesetzen. Dat si verschidder vum deene Mëttele vun der Ingénierie financière, wéi se genannt gëtt, déi kënnen benotzt ginn. Et geet also och drëms, fir géint esou Montage virzegoen.

Bon! Wéi mer elo wëssen, elo si gewësse Beruffer, déi goufe bal ausgeschloss. Net ganz ausgeschloss, mee bal ausgeschloss. Notamment och d'Affekoten. Do ass et natierlech zu engem gewësse Konflikt komm tëschent de grësseren Intermédiaires financiers, wéi d'Big Four zum Beispill, déi natierlech der Meinung waren, datt si desavantagéiert wiere par rapport zu méi klengen Etüden. De Barreau war jo och net ganz zefriden an huet sech och ëffentlech zu Wuert gemellt, well en der Meinung war, datt de Secret professionnel vun den Affekoten, ënner anerem, kéint beanträchtegt ginn.

Dobäi wësse mer jo awer och duerch d'Vergaangenheet a vläicht och nach elo - et kann een dat jo natierlech net ëmmer direkt retracéieren, mee Stéchuert Mossack Fonseca -, datt och kleng Etüde vun Affekote ganz komesch Montagë kënnen maachen.

Datt de Barreau sech op eemol vehement zu Wuert mell fir ze soen: „O lala, passt op! Eise Secret professionnel, deen ass helleg!“, dat ass

eng Saach. Ech wier och frou gewiescht, wann an der Vergaangenheet de Barreau sech och heiansdo zu Wuert gemellt hätt, fir vläicht gewëssen, net all natierlech, mee gewëssen Etüden e bësse méi dozou opzeruffen, fir keng aggressiv Montagen ze maachen, well do huet ee se och net ëmmer esou vehement héiere schwätzen!

Bon, dunn huet de Staatsrot säin Avis ginn. Du sinn d'Big Four erëm an d'Spill komm, fir dat ze soen. A finalement hu mer et hei mat engem Gesetzesprojet ze dinn, dee mir natierlech och wäerte matstëmmen, deen ofgeschwächt gouf. E gouf souwisou schonn ursprënglech um europäeschen Niveau ..., do gouf et jo och Drock an do gouf en och schonn ofgeschwächt. Mee en ass natierlech bei Wäitem net perfekt.

Mir wëssen och, mir sinn eis jo och bewosst, datt déi Ëmsetzung vun där Direktiv et jo elo net wäert hikréien, datt sämtlech méiglech Montage wäerten op eemol kënnen retracéiert ginn. Ech mengen, dorëms geet et jo och guer net a Wierklechkeet. Mee et geet drëms, och den Autoritéite jo esou eng Aart „big picture“ vun de méiglechen aggressive Montagen ze ginn, a fir och den Autoritéite kënnen eeben d'Méiglechkeet ze ginn, fir dogéint virzegoen, och op legislativem Plang. Ech mengen, eng Léisung wier natierlech och déi Taxation unitaire ACCIS.

An ech wëllt nach schlussendlech am Kader och vun där Krisensituatioun, an där mer sinn, och drop opmierksam maachen, datt esou Montagë jo dozou féieren, datt ganz grouss Multinationale wéi Amazon zum Beispill kënnen 200 Milliounen oder eng Véierelsmilliard Euro u Steieren net bezuelen - weinstens, warscheinlech ass et nach méi! - a wou d'Commission européenne - mir kenne jo d'Affär - gesot huet, hei, déi Steiere misste se dem Lëtzebuerger Staat zrëckginn.

De Lëtzebuerger Staat wollt se awer net zrëckkréien, well dat soss déi ganz komesch Gesichte vun der Steiertrickserie, wéi den Här Ausseminister géif soen, géif a Fro stellen. Ech mengen awer - gëschter huet den Här Wirtschaftsminister gesot: „Mir kënnen net all de Betriber hëllefen“, wat ech duerchaus novollzéie kann, well et eng grouss Mass vu Geld ass -, et kéint een vläicht elo eng kopernikanesch Wend aleeden, datt de Lëtzebuerger Staat och géif soen: „Ma kommt, mir huelen déi hallef Milliard Euro an da kënnen mer och fir eng Kéier emol déi kleng Betriber ënnerstëtzen.“ Ech mengen, dat ass eng grouss Mass vu Suen, an ech mengen och, datt den Här Bezos dat kéint iwwerliewen. Dat ass ongeféier de Montant, deen hie huet missen ausgi fir eng Scheedung. Am Prinzip misst hien dat och nach iwwerliewen.

Ceci étant dit, mir wäerten trotzdeem dat heite matstëmmen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här Président. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech faasse mech kuerz, well de Rapport vum Kolleeg André Bauler war relativ komplett, huet alles ofgedeckt, wat u sech wichteg ass. An och de Laurent Mosar huet u sech gutt retracéiert, wou d'Kritikpunkten un deenen heite Saachen unzëbréngen waren.

Ech mengen, et ass e komplexe Projet. Dat Eenzezt, wat vläicht elo an Zukunft nach relevant ass a wat sech wäert weisen, dat ass, ob mer hei ze large ausleeën an nobessere mussen oder net. Ech sinn der Meinung, datt en éischte Schrëtt gemaach gëtt mat deem Gesetz. Eventuell musse mer nobesseren, fir d'Largessen auszëkréien. Mee dat weist sech eréischt, wann et en vigueur ass. An deementspriedend wäerte mir dëse Projet matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Finanzminister Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Här Président, Dir Dammen an Dir Här Deputéiert, fir d'éischt géif ech gär der Chamber Merci soen, dass se op engem Samschdeg an och zur Occasioun vum Unhuele vum État d'urgence sech d'Méi ginn huet, fir dës Sëtzung weider ze maachen, fir dass mer kënnen eng Rëtsch Projet-de-loien, déi ganz wichteg si fir Lëtzebuerg an déi mat eiser Kreditibilitéit no baussen ze dinn hunn, hei stëmmen.

Éier ech elo op de Projet de loi aginn, wëll ech awer, well mer an enger spezieller Situatioun

sinn a well ech d'Geleeënheet nach bis elo net hat, natierlech meng ganz Solidaritéit perséinlech ausdrécke par rapport zu den aacht Vichtimmen an hire Familien an och natierlech bon Courage wënschen an eng gutt Geneesung de 670 Persounen zu Lëtzebuerg, déi infizéiert sinn.

Ech hunn net nëmmen e Gedanke fir si. Ech hunn och eng Reflexioun, déi weist, dass d'Gesondheet dat Allerwichtigst ass fir eis allegueren. An ech si frou, dass Dir haut mat 56 Stëmmen unanime den État d'urgence ugeholl hutt an dass mer haut zesummen och kënnen um legislative Plang weiderschaffen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass dat net an all Land esou einfach gewiescht wier. An dofir wierklech vun Härzen e grouse Merci!

Merci och un de Conseil d'État fir alles dat, wat e gemaach huet elo fir den État d'urgence, mee awer och fir d'Rapiditéit, mat där en deen heite Projet virun e puer Wochen ugeholl huet, an enger relativ kuerzer Zäit.

Dem Rapporteur André Bauler wëllt ech och e grouse Merci soen. En huet dat nämlech ganz gutt gemaach an och d'Wichtigkeet vun deemem Projet gutt ënnerstrach.

Ech mengen, dass Dir haut hei an der Chamber dat als eng Selbstverständlechkeet unhuet, dass mer zu Lëtzebuerg elo eng Finanzplaz hunn, déi an engem Land ass, dat op kenger schwaarzer an op kenger groer Lëscht ass. Ech si frou, dass dat elo als eng Selbstverständlechkeet ugesi gëtt. Mee ech kann lech soen: Et huet vill Aarbecht kascht, fir dass dat de Fall ass!

An ech freeë mech och dofir, dass mer d'Unanimitéit hunn, fir haut dëse Gesetzesprojet unzehuelen. Dëse Projet de loi huet als Acronyme „DAC 6“, dat ass „Coopération-administrative-Direktiv“ op Englesch, Nummer 6. Dat heescht, et sinn der scho fënnf hannendrun, ënner anerem ass do d'DAC 3 dran. Dat ass déi, déi den automateschen Echange vu Rulinge mécht, wou mer genau wëssen, wou deen hierkënn.

Dat heiten ass also an der Ligné vun deem. An de But ass natierlech hei, d'aggressiv Steierplanung ze bekämpfen. Dat ass eppes, wat um internationale Plang recommandéiert gi war, an zwar an deene faméise 15 Aktiounen vun der OCDE, am BEPS - Base Erosion and Profit Shifting -, an do ass dat d'Aktioun Nummer 12, déi mer hei dann ëmsetzen. Mir setze se ëm als Lëtzebuerg iwwert de Wee vun Europa mat enger Direktiv, sou wéi dat och ganz gutt ass.

Wat bréngt dës Direktiv? Ma si bréngt zwou Saachen. Si huet e preventiven Aspekt, preventiv, dat heescht, een, deen eng Steierplanung mécht, dee muss déi mellen, an domat hoffe mer, an domat ass gewollt, dass se eeben net soll aggressiv sinn. Well Steierplanunge wäerten et nach ëmmer ginn an Zukunft. Mee dat, wat ee wëllt verhënnern, ass eng aggressiv Steierplanung.

Ech insistéieren och drop, dass déi Steierplanung muss international sinn a grenziwwerschreidend. Dat ass, mengen ech, elo haut hei nach net gesot ginn, mee dat ass weesentlech: Se muss natierlech grenziwwerschreidend sinn. An zu Lëtzebuerg ass bal alles grenziwwerschreidend, well mer jo eng international Finanzplaz sinn. Dat ass also de preventiven Aspekt.

An dann hu mer den Aspekt dissuasif. Wat heescht dat? Natierlech, wann ee weess, dass een dat am Virus muss mellen, da kann ee jo dovunner ausgoen, dass deen, deen eppes plangt zesumme mat de Conseillere, déi en huet, ob dat Affekote sinn, ob dat Expert-comptable sinn, ob dat Réviseur-d'entreprise sinn, dass se eppes maachen, wat sech an den Normen hält, wat sech un de Cadre légal hält.

Ech mengen, dat ass d'ganz Philosophie, déi hei an dëser Direktiv dran ass, déi mer haut hei zesummen transposéieren.

Déi vill Diskussiounen gouf et haaptsächlech op engem Punkt, an zwar deem fir ze wëssen, wien dat dann alles soll oder muss mellen. D'Direktiv hat déi Problematik gutt erkannt, well se den État-membren do Spillraum gelooss huet a well d'Reegelen net an all Land d'selwecht sinn.

Am éischten Usaz hat d'Regierung den Affekoten do en Traitement particulier verschaf, deen den Affekote selwer net duergaangen ass. Mee mir haten d'Affekote speziell traitéiert, dat heescht, dass déi net ëmmer hätte misse mellen. Doropshi sinn eng Rëtsch Kriticken opkomm, iwwert déi ee ka laang streiden. A wann ech soe „streiden“, mengen ech dat an deem Sënn, dass déi Problematik, déi mir hei zu Lëtzebuerg begéint hunn, an all europäeschem Land stattfonnt huet.

A wann Der kuckt, wéi déi Direktiv an anere Länner ëmgesat ginn ass, fannt Der där enger



an där anerer. Dir fannt der, déi ganz wäit ginn an déi allen Intermediairen imposéieren, dat ze mellen. An Dir fannt der, déi et dann elo wéi Lëtzebuerg maachen - mir maachen et änlech wéi Frankräich -, wou ganz vill Intermediairen exclu sinn. Et gëtt dat eent an et gëtt dat anert.

Wat ass elo besser? Ech mengen, do wäert eis d'Zäit dat déi nächst Jore weisen. En fin de compte ass d'Endresultat ëmmer dat selwecht. Well wa keen Intermediaire mell, da muss de Contribuabel selwer mellen. Dat heescht, laanscht dës Obligatioun kënnt de Contribuabel net. A mir hunn, wéi mer den Text amendéiert hunn op Basis vun de Recommandatioun vum Conseil d'État, jo och drageschriwwen, dass d'Intermediairen eng Obligatioun hunn, fir dem Contribuabel ze soen, dass deen dat muss mellen. An en fait misste se hien och gutt beroden, wéi en dat soll maachen, well ech ka mer gutt virstellen, dass vill Contribuabelen et schwéier hunn, fir déi komplex Steuerkonstruktiounen do dem Fiskus ze mellen.

Bref, ech mengen, mir hunn elo eng Ëmsetzung, déi en Equiliber fënn. An als Regierung kënne mer natierlech mat deem Equiliber do liewen. Mir hunn och Dank der Zesummenaarbecht an der Aarbecht an der Cofibu kënnen eng Rëtsch vu Schlësselkonzepter méi preziséieren. Dat ass dat, wat technesch an der Direktiv als Marqueure beschriww gëtt. Déi Marqueuren hu mer elo méi kloer definéiert. An ech mengen, dat ass eng gutt Saach, an dofir soen ech och der Cofibu Merci.

Als Konkusioun wéilt ech soen, dass mat der Ëmsetzung vun där heiten Direktiv an där, déi mer an e puer Minutte wäerten unhuelen, Lëtzebuerg alleguerten d'BEPS-Mesurë wäert ëmgesat hunn, an ech mengen, dat ass ganz wäertvoll, dass mer dat ënnersträichen, all ëmgesat hunn, mat Ausnam vun enger. Mee et ass net Lëtzebuerg, wat eng Ausnam ass. Dat ass BEPS 1, dat ass d'digital Taxatioun. Wéi Der do wësst, ass dat amgaangen, nach international verhandelt ze ginn. Mee do si mir also guer net en retard. Do ass d'ganz Welt amgaang, drop ze waarden, wat fir eng Léisungen do fonnt ginn.

Mee fir dann ofzeschlësse mat deem, mat deem mer ugefaangen haten a wat de Rapporteur André Bauler och gutt beschriwwen hat: Lëtzebuerg ass op kenger schwaarzer oder groer Lëscht. A mir setzen hei d'Recommandatiounen, déi d'OECD der ganzer Welt ginn huet an déi Europa da ganz ëmgesat huet, ëm. Ech ënnersträichen eng lescht Saach: Europa geet hei méi wäit wéi dat, wat BEPS recommandéiert huet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Finanzminister, dem Här Pierre Gramigna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7465. Den Text steet am Document parlementaire 7465¹².

(Des députés ont pris place sur des chaises ajoutées dans la salle des séances plénières ainsi que sur les tribunes.)

Ech wéilt drop hiweisen, datt den noutwendige Quorum, fir de Vott kënnen ze maachen, ginn ass. Mir maachen e Vote par appel nominal. Duerfir zéien ech elo de premier Votant. An duerno geet et dann an alphabetescher Reiefolleg weider.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7465

D'Ofstëmmen fänkt un.

Appel nominal (votes personnels)
(Brouhaha)

Mir fueren am éischten Tour mat dem Vote personnel an am zweeten Tour maache mer de Vote par procuration.

► **Plusieurs voix.** - A!

(Brouhaha général)

► **Une voix.** - Dir musst nach eng Kéier ufänken, well d'Madamm Adehm huet scho fir den Här Wilmes ofgestëmmt.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Jo, genau. Okay, mir fänken nach eng Kéier vu vir un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. An duerno maache mer den Tour fir de Vote par procuration.

Appel nominal (votes personnels)

Merci!

Déi, déi nach wëllen ee Vote par procuration ofginn, sollen elo d'Hand an d'Luucht hiewen.

Appel nominal (votes par procuration)

Ass nach een do, deen ee Vote par procuration wéllt ofginn?

Dat ass net de Fall. D'Resultat ass ...?

Mir soen d'Resultat herno, well si mussen dat nach zielen.

(Hilarité générale)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech mengen, et ass unanime!

► **Mme Lydie Polfer (DP).** - Ech mengen, en huet Recht!

► **Plusieurs voix.** - Et ass unanime.

► **Une voix.** - Ech hu keen héieren Nee soen!

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Et huet jiddfalls keen Nee gesot, soudatt de Projet de loi mat enger grousser Majoritéit eestëmmeg ugeholl ginn ass. Mee fir den Nombre musse mer waarden, bis datt eis Leit dat nogezielt hunn.

Mir kéimen dann elo zum Projet de loi 7512. Den Här Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Ech wéilt awer vläicht eppes soen zu deenen Absenten, déi opgeruff goufen an déi absent hei sinn. Déi sinn net absent, well se keng Loscht hunn, hei an der Chamber ze sinn, déi waren och virdrun hei. Mee mir sinn eis eens ginn, datt eng Partie vun den Deputéierten net géifen hei am Sall sinn, well net genuch Plaz ass, fir datt mer dee Sécherheetsofstand kënnen halen. An duerfir sinn eng Partie Deputéiert fräiwëlleg heemaangen. An déi sinn duerfir net am Sall an duerfir huelen déi och net um Vott hei deel.

Ech mengen, dass et awer wichteg ass, dat eng Kéier ze soen. Et ass net, dass déi dobaussen elo ugesi ginn als déi, déi elo fortgelaf sinn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci dem Georges Engel fir déi do Prezisiounen. Ech mengen, et ass genau dat, firwat mer dat esou gemaach hunn. A mir wollt jiddfalls jo awer kengem opzwänge fir heemzegen. Mee déi hunn dat aus Respekt virun hire Kolleegen a viru sech selwer gemaach gehat.

6. 7512 - Projet de loi instituant un système électronique central de recherche de données concernant des comptes de paiement et des comptes bancaires identifiés par un numéro IBAN et des coffres-forts tenus par des établissements de crédit au Luxembourg et portant modification :

1° de la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ;

2° de la loi modifiée du 5 juillet 2016 portant réorganisation du Service de renseignement de l'État ;

3° de la loi du 30 mai 2018 relative aux marchés d'instruments financiers ;

4° de la loi du 13 janvier 2019 instituant un Registre des bénéficiaires effectifs ;

en vue de la transposition :

1° de l'article 1^{er}, points 19 et 29, de la directive (UE) 2018/843 du Parlement européen et du Conseil du 30 mai 2018 modifiant la directive (UE) 2015/849 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou du financement du terrorisme ainsi que les directives 2009/138/CE et 2013/36/UE ;

2° de l'article 1^{er}, point 28, lettre d), de la directive (UE) 2019/878 du Parlement européen et du Conseil du 20 mai 2019 modifiant la directive 2013/36/UE en ce qui concerne les entités exemptées, les compagnies financières holding, les compagnies financières holding mixtes, la rémunération, les mesures et pouvoirs de surveillance et les mesures de conservation des fonds propres ;

3° de l'article 64, point 5, de la directive (UE) 2019/2034 du Parlement européen et du Conseil du 27 novembre 2019 concernant la surveillance prudentielle des entreprises d'investissement et modifiant les directives 2002/87/CE, 2009/65/CE, 2011/61/UE, 2013/36/UE, 2014/59/UE et 2014/65/UE

Mir kéimen dann elo zum Projet de loi 7512, enger Direktiv, fir d'Benotze vum Finanzsystem,

fir Geld ze wäschen oder den Terrorismus ze finanzéieren, ze verhënnern. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den hono-rabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.** - Très bien!

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Ech géif och d'Geleeënheet notzen, fir un d'Familljen ze denke vun deene Ver-stuerwenen an un déi Leit, déi krank sinn, an awer och Merci ze soen all deenen, déi eis et iwwerhaupt erméiglechen, dass d'Land nach tant soit peu ka virufueren. Iech alleguerten e grouse Merci!

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, beim Gesetzesprojet 7512 geet et ëm d'Transposition vun engem Volet vun der europä-escher Direktiv 2018/843 iwwert d'Verhënnere vun der Notzung vum Finanzsystem fir Blanchi-ment an Terrorfinanzierungszwecker, och nach AMLD 5 genannt.

Et ass déi fënneft Direktiv, déi mir an dësem Be-räich transposéieren. Dat weist, wéi wichteg de Sujet ass, virun allem fir e Land wéi Lëtzebuerg mat senger grousser a wichtiger Finanzwelt. De Gesetzesprojet 7467, deen als Punkt 3 um Ordre du jour steet, ass souzesoen d'Kärgesetz vun der Transposition vun der AMLD 5, well dee Projet de loi eist Blanchimentsgesetz vun 2004 ännert. Ech wëll beim nächste Punkt méi am Detail op d'Wichtigkeet vun dëser Direktiv an der allgemenger Lutte géint de Blanchiment a géint d'Terrorfinanzierung agoen.

Dëse Projet de loi, deen heiten also, betrëfft d'Aféiere vun engem sougenannte „mécanisme centralisé automatisé“ fir Paiements- a Bank-konte mat enger Lëtzebuerger IBAN-Nummer a fir Coffre-forte bei de Kreditinstituter. Dëse Mécanisme centralisé automatisé, dee vun de Memberstaaten en place gesat gëtt, soll den Autoritéiten en effikassen Outil ginn, fir am Kontext vun der Lutte géint de Blanchiment a géint de Financement vum Terrorismus eraus-zefannen, wien hannert deene Konten a Coffre-forte stécht.

Wéi soll dëst konkreet ëmgesat ginn? Mir schafen elo e System mat zwee Niveauen. Enger-säits mussen déi concernéiert Professionell e Fi-chier opbauen, deen Identitéitsdonnéeën vun den Titularen, de Mandatairen an de Bénéfici-aires économiques vu Konten a Coffre-forte re-censéiert, déi bei hinnen an de Bicher stinn. Dës Fichiere mussen no der Virschrëft vun der CSSF strukturéiert ginn.

Firwat schreift d'CSSF dat vir? Ma well si kon-trolléiere muss, datt déi Professionell hiren Obligatiounen par rapport zu dësem Fichier de données nokommen. Doriwwer eraus soll och deen zweeten Niveau bei der CSSF ënnerkom-men. Si wäert de sougenannte „système élec-tronique central de recherche de données“ op-bauen. Mat deem System kënnen d'Donnéeën aus de Fichiers de données vun de Professionel-len ofgeruff ginn.

Ech wëll ënnersträichen, datt hei ganz streng Reegele fir den Accès op deen Datenoeruffs-system gëllen. Engersäits hunn nëmme wëneg habilitéiert Leit vun der CSSF a vun der souge-nannter „CRF“, Cellule de renseignement fi-nancier, en direkten Accès op de System, an dat och nëmmen am Kader vun hirer Missioun géint de Blanchiment a géint d'Terrorfinanzéie-rung. Anerersäits hunn déi national Autoritéi-ten, déi am Artikel 1 definéiert sinn, nëmmen en indirekten Accès op de System. Si mussen iwwert d'CSSF fueren a kréien d'Informatiounen och nëmmen dann, wa se onbedéngt néi-deg sinn an der Bekämpfung vun der Geld-wäsch a vun der Finanzéierung vum Terroris-mus.

D'Gesetz iwwert d'Reorganisatioun vum Ren-seignement gëtt esou ëmgeännert, datt och de Renseignement en indirekten Accès am Kader vu senger Missioun huet. Hei gi speziell Dispo-sitiounen fir d'PSSFen - Prestataires de services aux sociétés et fiducies - a fir Prestataires de services d'actifs virtuels agefouert. Si mussen sech an Zukunft bei hirer Autorité de contrôle androen, esou wéi dat vum GAFI recomman-déiert gëtt.

Da wëll ech nach d'Stärkung vum Informati-onsaustausch uschneiden, an zwar tëschent den Autorités prudentielles op där enger Säit an op där anerer Säit der europäescher Banken-autoritéit, den nationalen Autorités de contrôle an den Organismes d'autorégulation. D'Auto-rités prudentielles mussen hire Verdacht op Geldwäsch an Terrorfinanzéierung an Zukunft bei dësen dräi Autoritéite mellen.

Här President, de Staatsrot hat a sengem Avis vum 10. März 2020 keng gréisser Awänn iwwert de Gesetzesprojet. D'Chambre de Com-merce fuerdert an hirem Avis vum 7. Februar

en Délai raisonnable fir d'Mise en place vum Fi-chier de données, dee vun de Professionelle muss opgebaut ginn.

D'Finanzkommissioun hat fir dëse Projet en Avis vun der CNPD, der nationaler Kommissi-oun fir den Dateschutz, ugefrot, well den Date-schutz an dësem Fall fir eis all extreem wichteg ass. Bis elo awer läit deen Avis nach net vir. Mee den Délai de transposition vun der Direk-tiv, dee steet virun der Dier. Dat ass nämlech den 30. Abrëll.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll drun er-ënneren, datt de GAFI an e puer Méint en Audit iwwert den Istzoustand vun eiser Blanchiments-reglementatioun hei zu Lëtzebuerg mécht. Eng verspéit Transpositioun an de Risiko, dowéinst op eng schwaarz GAFI-Lëscht ze kommen, hätte seriö Konsequenze fir de Ruff vun der Finanzplaz Lëtzebuerg.

Här President, ech deposéieren duerfir eng Mo-tioun, an där mir d'Regierung opfuerderen, fir un der Kommissiounssëtzung deelzehuelen, an där den Avis vun der CNPD an eventuell och nach dee vum Conseil de l'Ordre wäert analy-séiert ginn.

An där Kommissiounssëtzung soll op Basis vum Avis vun der CNPD iwwer eng potenziell Verbesserung vum Gesetz diskutéiert ginn.

Ech ginn lech d'Motioun of.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant le nombre conséquent de directives européennes en matière de réglementation financière à transposer ;

- notant l'importance du respect des délais de transposition des directives européennes ;

- estimant que les retards de transposition de di-rectives européennes peuvent constituer une source de risques de réputation pour la place fi-nancière luxembourgeoise ;

- tenant compte du prochain audit du Groupe d'action financière qui aura lieu au cours de l'an-née 2020 en vue d'évaluer le dispositif antiblan-chiment du Luxembourg ;

- considérant, au vu des points susmentionnés, l'urgence de la transposition, par le projet de loi 7512, de la directive (UE) 2018/843 du Parle-ment européen et du Conseil du 30 mai 2018 re-lative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux ou de financement du terrorisme ;

- constatant cependant l'absence de l'avis de la Commission nationale pour la protection des don-nées (ci-après : la CNPD) concernant le projet de loi 7512,

invite le Gouvernement

- à prendre part, en temps utile, à la réunion de la Commission des Finances et du Budget qui sera amenée à analyser l'avis de la CNDP sur le projet de loi 7512 ;

- à évaluer lors de ladite réunion avec les membres de la Commission des Finances et du Budget l'opportunité d'apporter, sur base de l'avis de la CNPD à venir, des modifications à la loi vo-tée en date de ce jour.

(s.) Guy Arendt, Gilles Baum, Marc Baum, Sven Clement, Georges Engel, Josée Lorsché, Laurent Mosar.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Ech soen och all deene Signatairë Merci, déi se ënner-stëtzen. Ausser engem Grupp hutt Der alle-guerte mat ënnerschiwwen. An ech fannen dat ... Dat wollt ech awer och ervirsträichen an lech och duerfir Merci soen.

A fir de Rescht géif ech lech Merci soe fir d'No-lauschteren a gi selbstverständlech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Arendt.

7. 7465 - Projet de loi relative aux dispositifs transfrontières devant faire l'objet d'une déclaration (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7465 (suite)

Ier ech dem Här Mosar d'Wuert ginn, wëll ech nach d'Resultat vum Vott vum Projet de loi 7465, dem sougenannten DAC-6-Projet, no-reechen.

De Projet 7465 ass eestëmmeg mat 60 Stëm-men ugeholl ginn.